

# ZESUMMEN ËNNERWEE

**10 Tipps** fir e respektvollen Ëmgang tëschent Vëlosfuerer a Foussgänger



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**1. Lénks zu Fouss, riets mam Vëlo:** Foussgänger sollen sech op der lénker Säit vum Wee halen. Vëlosfuerer sollen sech op der rietser Säit vum Wee halen.

**2. Vitesse upassen:** Et ass wichteg zu all Moment op ënnerschiddlech Situatioune reagéieren ze kënnen an ëmmer d’Kontroll iwwer de Vëlo ze behalen.

**3. Ofstand suergt fir Sécherheet:** Vëlosfuerer solle beim Iwwerhuele genuch Ofstand zu Foussgänger an anere Vëlosfuerer halen. Foussgänger sollen de Vëlosfuerer och genuch Plaz loosse fir laanscht ze fueren.

**4. Schelle virum Iwwerhuelen:** Duerch d’Schelle soll de Vëlosfuerer de Foussgänger mat genuch Distanz op sech opmierksam maachen. Esou erschreckt de Foussgänger net, wann de Vëlo vun hanne kënnt.

**5. Bléckkontakt:** Bléckkontakt zu sengem Géigeniwwer schaaft Vertrauen a Sécherheet. Duerch de Bléckkontakt kann ee sécher sinn, dass ee vu sengem Géigeniwwer gesi gëtt.

**6. Moien a Merci:** Fir e respektvollt Mateneen dinn e “Moien” an e “Merci” ëmmer gutt.

**7. Richtungswiessel ukënnegen:** Richtungswiessel vum Vëlosfuerer solle mat entsprechedenden Handzeechen ugekënnegt ginn. Duerch kloer Zeechensprooch weist de Vëlosfuerer de Foussgänger an anere Vëlosfuerer wat e maache wëll.

**8. Haart Musek an Handy vermeiden:** Am Verkéier ass et wichteg op säin Ëmfeld opzepassen. Dofir soll ee vermeiden ze oft op den Handy ze kucken oder haart Musek ze lauschten.

**9. Den Hond un d’Léngt:** Net jidderee weess wéi en Hond reagiert an en Hond un der kuerzer Léngt gëtt jidderengem méi Sécherheet.

**10. D’Ëmwelt respektéieren:** Vëlosfuerer a Foussgänger sollen näischt an d’Natur geheien.